

# DATA LITERACY (GDL)

## ENG NEI SEKTIOUN AM ENSEIGNEMENT SECONDAIRE GÉNÉRAL

## UNE NOUVELLE SECTION DANS L'ENSEIGNEMENT SECONDAIRE GÉNÉRAL





# START AN D'WELT VU BIG DATA

École de Commerce et de Gestion
School of Business and Management

2025/2026

FR

Accès/Zugang

3GCM, 3GIG, 3CB, 3CD, 3CN

# D'ÉCOLE DE COMMERCE ET DE GESTION BITT ENG NEI FORMATIOUN AM ENSEIGNEMENT SECONDAIRE GÉNÉRAL UN.

**Du wëlls e Profi an der Datenanalys ginn? Deen, deen aus de *Big Data* déi richteg Conclusioune kann zéien an esou zur Entwécklung vu Léisunge fir komplex Problemer ka bäidroen? Dann ass déi nei Sektioun *Data literacy* wéi fir dech gemaach!**

---

Dës nei Sektioun am Enseignement secondaire général gëtt zu Lëtzebuerg just vun der *École de Commerce et de Gestion - School of Business and Management* ugebueden.

Et handelt sech ëm eng Spezialiséierungssektioun op 2e a 1re, déi d'Schlësselkompetenze vermëttelt, fir sech an enger Welt ze orientéieren, déi vun engem exponentielle Wuesstum vun digitalen Date gepräägt ass. *Data literacy* heescht net nëmmen, déi Date sammelen, liesen, verstoen, analyséieren an interpretéieren ze kënnen, mee och d'Manéier ze verstoen, wéi si gebraucht ginn, hir Zouverlässegkeet a Glafwierdegkeet ze iwwerpréiwen an Eesäitegkeeten a Risken ze erkennen.

Am Laf vun denge Studien op der Sektioun GDL léiers du, e kritesche Bléck op Daten ze geheien, fir kënnen opgekläert Decisiounen ze treffen an zur Entwécklung vu Léisunge fir Problemer bäizedroen.

Du kanns dech mat den Instrumenter an Technike vertraut maachen, fir Daten ze sammelen, ze botzen, ze analyséieren an ze visualiséieren a gëss a grondleeënd informatesch Konzepter ageweit, ënner anerem d'Uwendung vun der Programméiersprooch Python.

D'GDL-Sektioun mécht dir eng Karriär als Datewëssenschaftler op, an där s du deng Kompetenzen abrénge kanns, fir komplex Problemer ze léisen an existent a bestoend Modeller ze verbesseren.

# L'ÉCOLE DE COMMERCE ET DE GESTION OFFRE UNE NOUVELLE SECTION DANS L'ENSEIGNEMENT SECONDAIRE GÉNÉRAL.

**Tu aimerais devenir un professionnel de l'analyse des données ? Celui qui sait tirer les bons enseignements des « big data » et contribuer ainsi au développement de solutions pour des problèmes complexes ? Alors la nouvelle section *Data literacy* est pour toi !**

Cette nouvelle section de l'enseignement secondaire général est uniquement offerte au Luxembourg par l'École de Commerce et de Gestion - School of Business and Management.

Il s'agit d'une section de spécialisation en classe de 2<sup>e</sup> et de 1<sup>re</sup> qui transmet les compétences clés pour naviguer dans un monde marqué par la croissance exponentielle de données numériques. *Data literacy* ne signifie pas seulement savoir collecter, lire, comprendre, analyser et interpréter ces données, mais aussi comprendre la manière dont elles sont utilisées, évaluer leur fiabilité et leur crédibilité et reconnaître des biais et des risques.

Au cours de tes études en section GDL, tu apprendras ainsi à porter un regard critique sur les données afin de pouvoir prendre des décisions éclairées et de contribuer au développement de solutions à des problèmes.

Tu pourras te familiariser avec les outils et techniques pour collecter, nettoyer, analyser et visualiser des données et t'initier à des concepts informatiques fondamentaux, notamment à l'utilisation du langage Python.

La section GDL t'ouvre la voie vers une carrière de scientifique des données au cours de laquelle tu pourras mettre en valeur tes compétences pour résoudre des problèmes complexes et améliorer des modèles existants.

## START AN D'WELT VU BIG DATA

École de Commerce et de Gestion
School of Business and Management

2025/2026

FR

Accès / Zugang

3GCM, 3CB, 3CD, 3CN

# START AN D'WELT VU BIG DATA

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

ecg luxembourg
école de commerce et de gestion
school of business and management